N° 6183
Reçue le 15.06.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6183 vum 12. Mee 2022 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Goergen iwwert "Nouvelle organisation du Ministère de l'Environnement"

Wéi vill Persoune goufen zousätzlech agestallt?

Et goufe keng Persounen zousätzlech agestallt. Et goufen awer dräi Persoune vun der Ëmweltverwaltung op de Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung transferéiert, an zwee Fäll mat hire Posten. Déi drëtt Persoun gouf iwwert de Staatsministère an d'Carrière vum « Conseiller de Gouvernement » beruff an uschléissend un den Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung détachéiert.

Wéi laang huet d'Astellungsprozedur am kierzeste Fall an am längste Fall gedauert vun der Ausschreiwung vum Poste bis zum Ënnerschreiwe vun de Kontrakter?

Et gouf keng Ausschreiwung vu Posten an och keen Ënnerschreiwe vu Kontrakter. Dëst, well et keng normal Astellungsprozedur gouf, mee just een Transfert vun zwee Mataarbechter mat hiren existente Posten.

Goufe Persoune gekënnegt oder versat oder koume just Mataarbechter dobäi?

Et gouf kenger Persoun gekënnegt. Wéi scho gesot, sinn dräi Persounen transferéiert ginn. Dës dräi Persounen hunn d'Unzuel vun de Mataarbechter um Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung em dräi Persounen erhéicht.

Lëtzebuerg, den 15. Juni 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung